PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Projet de loi 7479B

Lëtzebuerg, den 20/03/2024

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Dass d'Konkurrenzautoritéit 2022 mam Projet de loi 7479A zu engem Établissement public ginn ass an d'Méiglechkeet kritt huet, fir sech an Dossieren s'autosaiséieren;
- Dass et an eisen Nopeschlänner scho verschidde Versioune vun enger Konzentratiounskontroll (contrôle de concentration) gëtt. Zum Beispill a Frankräich huet déi zoustänneg Autoritéit d'Méiglechkeet de betraffene Firmen Ännerungen an hirer Fusioun ze imposéieren ;
- Dass op EU-Niveau eréischt eng Konzentratiounskontroll gemaach gëtt, wann de gesamten Ëmsaz, dee vun alle betraffene Firmae gemaach gouf, méi wéi 5 Milliarden Euro beträfft an den Ëmsaz, deen an op mannst 3 EU-Länner gemaach gouf, méi wéi 250 Milliounen Euro beträfft, esoufern keng vun de betraffene Firmae méi wéi zwee Drëttel vun hirem gesamten Ëmsaz an der EU an engem eenzege Land mécht.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. eng Gesetzespropos auszeschaffen, fir dass d'Konkurrenzautoritéit sech an Zukunft autosaiséieren an eng Konzentratiounskontroll ex-ante hei zu Lëtzebuerg kann duerchféieren.

Sven Clement